ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. Oktober 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Wa Patiente mat enger Ambulanz an d'Ausland gefuer musse ginn, rechent d'CNS 1,25 Euro pro Kilometer, déi de Patient zu 70% rembourséiert kritt. Et ass allerdéngs esou, datt, falls um Wee och e Peage ufält, d'Krankekeess dësen net iwwerhélt. Wuelwëssend, datt den ëffentlechen Transport an och elo den Adapto fir de Benotzer gratis gëtt, wär et sécherlech derwäert ze iwwerleeën, ob ee net och deene Kranken, déi op den Ambulanzendéngscht ugewise sinn, entgéint komme soll.

An de Statutte vun der CNS ass ausserdeem nozeliesen, datt et verflichtend virgeschriwwen ass, datt een de kierzëste Wee huele muss, fir an déi jeeweileg Klinick ze kommen. Dëst ass sécherlech net ëmmer sënnvoll, well all privaten Autofuerer, wann e vun A op B komme wëll an dofir e Navigatiounssystem notzt, meeschtens de schnellste Wee aschléit, deen dacks net de kierzëste Wee ass. Et muss een och bedenken, datt de kierzëste Wee dacks iwwert méi ländlechen Terrain féiert, mat méi Kéieren a méi engem raue Buedembelag, wat fir de kranke Mënsch eng méi grouss Belaaschtung – och wat d'Dauer vum Transport ugeet – duerstellt.

Et ass an deem Kontext och inakzeptabel, datt d'CNS nach mat Kadaster-Karten operéiert, déi aus dem Joer 1969 (!) stamen.

De Präis vun 1,25 Euro pro Kilometer ass och net indexgebonnen a net realistesch, wann ee bedenkt, datt en normalen Taxi wëll méi oder manner 1,50 Euro op de Kilometer kascht an dëst mat nëmmen engem Chauffeur. Eng Ambulanz – mat zwee Ambulanciere – soll awer nëmmen 1,25 Euro pro Kilometer froen ; net ze vergiessen, datt d'Uschafe vun enger Ambulanz ronn duebel esou deier ass, ewéi en Taxi.

An de Statutte vun der CNS steet och, datt eng Ambulanz mat zwee Ambulanciere just däerf 30 Cent pro Minutt Attente verrechnen (dëst entsprécht 18 Euro pro Stonn fir zwee Ambulancieren, dat heescht 9 Euro pro Stonn pro Persoun, wat mol net dem Brutto-Mindestloun entsprécht.)

ADR Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

D'Tariffer vun der CNS gesinn och net vir, datt d'Ambulanz- an Taxidéngschter zousätzlech remuneréiert ginn, wann si Sonndes oder op engem Feierdag fir d'Patienten am Asaz sinn.

An dësem Kontext géif ech dem Här Minister gär dës Froe stellen :

1. Gedenkt den Här Minister déi finanziell Dispositioune vum Krankentransport an déi Richtung ze iwwerdenken, datt an Zukunft d'CNS och de Peage iwwerhëlt ? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader kann ee mat enger Ännerung vun därer Dispositioun rechnen?
2. Gedenkt den Här Minister d'Routenplanung vum Krankentransport an déi Richtung ze iwwerdenken, datt d'Ambulanz net méi verflicht ass, de kierzëste Wee anzeschloen a soumat dem Patient zousätzlech Belaaschtungen erspuert? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader kann ee mat enger Ännerung vun därer Dispositioun rechnen?
3. Wéini gedenkt den Här Minister, d'Kadaster-Karten, mat deenen d'CNS bis dato operéiert, endlech ze aktualiséieren?
4. Wann ee bedenkt, wat fir eng wichteg an noutwenneg Aarbecht d'Personal bei den Ambulanz- an Taxidéngschter fir déi betraffe Patiente leescht, wär et dann an den Ae vum Här Minister net sënnvoll, dëse Servicer eng zousätzlech Remuneratioun auszebezuelen, am Fall wou si Sonndes oder op engem Feierdag schaffen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten